Vintage Mechanical Sports Club Asbl Luxembourg

RCS: F2994

Lëtzebuerger Navigatiounsrallye Challenge

2018

De Vintage Mechanical Sports Club Luxembourg organiséiert de Lëtzebuerger Navigatiounsrallye Challenge fir Equipage vu klasseschen Autoen.

D'Deelhuelen um Lëtzebuerger Navigatiounsrallye Challenge ass gratis a geschitt automatesch wann een an engem vu den Eventer hei hannendrun matmécht. Allerdéngs muss dat u Bord vun engem klasseschen Auto, deen op d'mannst 20 Joer al ass oder deen am Joer vum Challenge 20 Joer al gëtt, sinn. Wa modern Autoe vum Organisateur vun engem Rallye zougelooss sinn, zielen se net fir de Challenge a ginn am Klassement neutraliséiert. Ausnahm zu dëser Regelung si Rallyen déi am Dezember, Januar oder Februar organiséiert ginn. Klasséierter an engem modernen Auto kréie dann d'Halschent vun de Punkte guttgeschriwwen.

Dëse Challenge ass mat 2 Wanderpokale dotéiert. Eng historesch Coupe fir dee Participant deen iwwer d'Joer déi meeschte Punkte gesammelt huet. D'Coupe des Dames, och eng historesch Coupe, fir déi Dame déi iwwer d'Joer déi meeschte Punkte gesammelt huet. Dës Coupe gi ni definitiv zougesprach.

Nieft dëse Wanderpokalen, kréien déi 3 Beschtklasséiert, déi 3 bescht Dammen an de beschte Pilot, oder Pilotin, an de beschte Co-Pilot, oder Co-Pilotin, och nach Tropheeën. CLAUDE KONRATH IMMOBILIER stëft 2 Tropheeën fir jeeweils de beschte „Rookie" Pilot(in) an de beschte „Rookie" Co-Pilot(in). D'Punkte gi gläich un den Equipage vun 2 Leit verdeelt an et gëtt keen Ënnerscheed tëschen Pilot oder Co-Pilot gemaach, ausser fir d'Klassement vum beschte Pilot, oder Pilotin, a beschte Co-Pilot oder Co-Pilotin sou fir d'Klassement vum beschte „Rookie" Pilot, oder Pilotin, a beschte „Rookie" Co-Pilot oder Co-Pilotin. Et ass net erlaabt Pilot an/oder Co-Pilot während engem Event ze wiesselen. Am Sënn vum Challenge ass jiddereen dee virun dësem Joer nach net am Challenge klasséiert war e „Rookie", et sief et wier e regelmässege Deelhueler an aanere Navigatiounsrallyen.

Bei Gläichstand fir déi zwee Wanderpokale an déi verschidde Tropheeën gëtt d'Streichresultat derbäi gerechent. Besteet da nach ëmmer Gläichstand, gëtt de Co-Pilot oder Co-Pilotin bevirdeelegt. Soll da nach ëmmer Gläichstand bestoen, entscheet d'Unzuel vun de beschte Resultater (meescht Victoire, duerno meescht 2. Platzen, …)

Desweidere stëft d'Martine Konz, Agent lalux Assurances, och eng Coupe fir de beléiftste Rallye. Ween déi Coupe zougesprach kritt, gëtt nom leschten Event vum Challenge duerch eng anonym Wiel festgeluecht.

D'Punkte gi folgendermoossen un d'Experte (komplizéiertst Kategorie) verdeelt, den 1ten kritt 30 Punkten, den 2ten 29 Punkten, den 3ten 28 Punkten … Déi nächstplazéiert kréien all kéiers 1 Punkt manner. Vun der 29ter Platz un kritt jiddereen 2 Punkte guttgeschriwwen.

D'Participante an der Touring (zweetkomplizéiertster Kategorie) kréie just d'Halschent vun de Punkten. Wann an engem Event eng drëtt, méi einfach, Kategorie ass, gëtt déi net a Betruecht geholl fir den Challenge.

D'Organisateuren vun engem Rallye an hir Hëllefen kréie fir dee Rallye d'Moyenne vun de Punkte guddgeschriwwen déi se am Laf vum Joer erreecht hunn. Fir des Moyenne ginn all d'Rallye am Challenge, minus déi wou een an der Organisation ass, berécksiichtegt. Des Punkten zielen awer just wann een op d'mannst 5 Rallye matgefuer ass, an dat dann an där Kategorie (Pilote / Co-pilote) wou se am meeschte virun hëllefen.

Et ass selbstverständlech dass jiddereen deen un engem Event vum Challenge deelhëllt, sech un déi relevant Reglementer hällt, genee sou wéi un d'Regele vum Fair-Play an der Sportlechkeet.

D'Iwwerreechung vun de Tropheeë fënnt um Autojumble 2019 statt.

Fir 2018 ginn 7 vun de folgende 8 Eventer bewert (1 Streichresultat):

Fréijors-Tour (28.04.)
Critérium Néckel Koob (07.07.)
Grenzlandtour (23.09)
Night of the Long Knives (27.10.)
Roude Léiw Classic (23.06.)
Eifel-Ardennen-Klassik (05.08.)
Golden Leaf Rallye (29.09.)
Snow-Rallye (08.12.)

71, rue des Prés
L-7333 Steinsel
www.konrath.lu

T: 33 23 61-1
F: 33 28 98
E: konrath@konrath.lu

CLAUDE KONRATH
IMMOBILIER

Frot no onsen speziellen Konditiounen fier Oldtimer a Mini Flotten, et lount sech !

lalux
ASSURANCES

Martine Konz
18 rue du commerce
L-8220 Mamer
Tél: 691 11 88 70
martine.konz@lalux.lu